



Äntwert vum Här Minister fir d'bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, a vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 6332 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet « Encadrement de l'ING Marathon »

Ad 1) et 2.):

Aus evidente Sécherheetsgrënn kënnen keng Detailler vun engem Sécherheetsdispositif vun der Police public gemaach ginn. Dëst ass eng operationell Informatioun a läit an der Décisiounsbefugnis vun der Police.

Ad 3

Nieft dem normalen Dispositif, dee souwiso all Dag an der Stad Lëtzebuerg an Ëmgéigend en place ass, hat de CGDIS fir den ING Marathon 243 zousätzlech Asazkräfte mobiliséiert (vum Logistiker bis zum Dokter). Donieft waren eng Rëtsch zousätzlech Moyenen an hirem Asazcenter (CIS) a Bereetschaft, dëst virun allem an de CISE ronderëm d'Stad.

Ad 4

D'Fraen a Männer vum CGDIS hunn am Kader vum Marathon 2.397 Stonne gelescht (34% duerch berufflech Mataarbechterinnen a Mataarbechter a 66% duerch Fräiwëlleger). Net matgezielt ginn hei déi Abberzuel u majoritär Fräiwëllegen, déi Bereetschaftsdéngscht an hirem lokale CIS gemaach hunn.

Ad 5

Eng intern Organisatioun tëscht den Unitéiten erméiglecht et, dass d'Polizisten de service op de verschiddene Plazen am Asaz kënnen sinn. D'Iwwerstonnen, déi eventuell ufalen, ginn op d'respektiv Unitéite verbucht.

Ad 6

Opgrond vu sengem Taxereglement hat de CGDIS Gesamtkäschte vu ronn 26.000 Euro, déi zur Halschent vum Organisateur selwer bezuelt goufen. Den aneren Deel krut d'Stad Lëtzebuerg am Kader vun enger Demande de gratuité ugerechent. D'Taxereglement gesäit vir, dass d'Gemenge järelech bei Manifestatiounen (gestaffelt no Awunnerzuel) vun enger gewësser Gratuitéit vum Dispositif de secours vum CGDIS kënnen profitéieren.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX